N°5235
Reçue le 16.11.2021
Déclarée recevable et urgence non reconnue
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 16.11.2021

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 15. November 2021

Här President,

Esou ewéi den Artikel 81 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës drénglech parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsministesch ewéi och un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend weider ze leeden.

D'Covid-19-Infektiounszuelen sinn an deenen leschten Wochen weltwäit drastesch an d'Luucht gaangen, dëst och zu Lëtzebuerg. An deem Fall kann een dovun ausgoen datt eis Schoulen och dovun betraff sinn. Zanter der Schoulrentrée ginn et keng offiziell Statistiken méi wat d'Infektiounslag an de Schoulen ugeet.

An deem Kontext géife mir gäre folgend Froen un d'Regierung stellen:

- Huet d'Regierung eng Analyse gemaach betreffend der Infektiounslag zënter dem Schoulufank ?
- Wann jo, wat ass d'Resultat vun dëser Analyse ? Kann d'Regierung eis dës Statistiken vun de leschte Wochen zoukomme loossen ?
- Wéi interpretéiert d'Regierung des Statistiken ? Wéi eng Konsequenzen zitt se doraus ?

Här President, mir bieden Iech eisen déifste Respekt unzehuelen.

Martine Hansen
Co-Fraktiounspresidentin

Claude Wiseler
Deputéierten

N° 5235
Reçue le 25.11.2021


LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend a vun der Gesondheetsministesch op d'parlamentaresch Fro Nr. 5235 vun den honorabelen Deputéierte Martine Hansen a Claude Wiseler**

D'Ophuele vum Schoulbetrib am September huet net zu enger immediater Erhéijung vun de Fallzuele gefouert. Et ass richteg, datt d'Zuele vun de Covid-19-Fäll (Schüler an Enseignanten zesumme gekuckt) an deene leschte Wochen an d'Luucht gaange sinn (Grafik 1), genau sou wéi dat och an der genereller Bevëlkerung de Fall ass.

Doriwwer eraus waren déi klammend Zuelen ënnert de Kanner am Grondschoulalter ze erwaarden; si entspriechen engem internationalen Trend, deen am Moment ka beobacht ginn. Well d'Kanner ënner 12 Joer nach net geimpft sinn, breet sech de Virus an dëse Populatioune besonnesch séier aus.

Tëscht dem 15. September an dem 21. November 2021 sinn am Ganzen 2.234 Fäll am Enseignement fondamental (EF) an 1.204 Fäll am Enseignement secondaire (ES) constatéiert ginn.



Wann een d'Inzidenz vun neie Fäll par rapport zu der Populatioun an de Schoulen tëschent de Joren 2020 an 2021 vergläicht, kann ee feststellen, datt d'Inzidenz am Enseignement fondamental zum aktuellen Zäitpunkt op engem méi héijen Niveau ass wéi d'lescht Joer zur selwechter Zäit, wärend se am Enseignement secondaire däitlech méi déif ass. Den Ënnerscheed ass doduerjer ze erklären, datt ronn 70 % vun de Schüler am Secondaire geimpft sinn, woduerch d'Transmissioun speziell do gebremst gëtt. Dës Tatsaach weist nach eng Kéier op eng ganz kloer Manéier op d'Wichtegkeet vun der Impfung hin.

Ee groussen Ënnerscheed par rapport zum leschte Joer maachen d'Autotester aus, déi warscheinlech dozou féieren, datt positiv Fäll bei Kanner méi fréi an och a méi grousser Zuel detektéiert ginn. An der Woch 45 z. B. goufen 118 Fäll fir d'éischt duerch Autotester festgestallt, wat ronn 40 % vun all de Fäll an där Woch ausmécht. Dat weist drop hin, datt d'Autotester ee wichtegt Element sinn, fir d'Verbreedung vum Covid-19 an de Schoulen ze verhënneren.

De Comité de pilotage interministériel mat Vertrieder aus dem Educatiounsministère an dem Gesondheetsministère kënnt zanter dem Ufank vum Schouljoer zweemol pro Woch zesummen, fir déi aktuell Lag ze evaluéieren, konkret Problemer um Terrain ze diskutéieren a Léisungsvirschléi auszeschaffen, respektiv Recommandatioune fir Mesuren ze maachen, wann an enger Schoul vill Fäll a verschiddene Klassen optrieden. Dës Mesuren (spezifesch d'Zenarioe 4) ginn dann och all Woch publizéiert. Bis elo woren dëst Trimester just Grondschoule vun esou Mesurë betraff.

Och wann d'Zuel vun de Covid-Fäll bei de Grondschoulkanner geklommen ass, stelle mir keen esou een Trend bei den Hospitalisatioune fest. Hospitaliséierunge vu Kanner a Jugendleche wéinst Covid-19 sinn extrem rar a zanter dem Ufank vun der Pandemie ass hei am Land och nach kee Kand oder Jugendlechen duerch Covid-19 gestuerwen.

An den Alterskategorien iwwer 50 Joer sinn d'Impftauxen am Moment nach net héich genuch, esou datt de Risiko vun enger Iwwerlaaschtung vun dem Spidolswiesen an deene kommende Wochen net ausgeschloss ka ginn. Wann d'Regierung an dësem Zesummenhang zousätzlech Mesuren zur Andämmung vun der Pandemie beschléisst, wäert d'Educatioun och hir Verantwortung iwwerhuelen. Aktuell lafen d'Gespréicher tëschent deenen zwee Ministèren, déi dem Regierungsrot entspriechend Recommandatiounen zoukommen wäerte loossen.

Lëtzebuerg, de 25. November 2021

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH